



Wagener iwwert d'Adoptioun fir net be-
stuete Koppelen.

- *Proposition de loi N°4947 tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées.*

Fuere mer och mat där Proposition de loi virun?

(Assentiment)

Dat ass domadder och esou décidéiert.

Da komme mer zur Proposition de loi N°4969 vun der Madame Lydie Err, eng Ofännerung vum Code de Procédure civile.

- *Proposition de loi N°4969 portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure civile.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi an der Prozedur viruleeft?

(Assentiment)

Dat ass domadder esou décidéiert.

Déi nächst ass d'Proposition de loi N°4979 vum Här Lucien Lux iwwert den Harcèlement moral.

- *Proposition de loi N°4979 relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail.*

(Interruption)

Ass och do d'Chamber d'accord, datt se virugeleet gëtt?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Déi nächst ass d'Proposition de loi N°5304 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert d'Autorité parentale.

- *Proposition de loi N°5304 portant réforme de l'autorité parentale et instaurant la permanence du couple parental.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi virun an der Prozedur bleift?

(Assentiment)

Dat ass deemno esou décidéiert.

Déi nächst ass eng Proposition de loi N°5331 vum Här Alex Bodry iwwert d'Enquête-parlementairen.

- *Proposition de loi N°5331 sur les enquêtes parlementaires.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi an der Prozedur weiderleeft?

(Assentiment)

Domadder gëtt dës Proposition de loi weidergereecht.

Da komme mer zu enger Proposition de loi N°5553 vun der Madame Marie-Josée Frank a mir selwer iwwert den Droit de la filiation an den Exercice conjoint de l'autorité parentale.

- *Proposition de loi N°5553 portant réforme du droit de la filiation et instituant l'exercice conjoint de l'autorité parentale.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi an der Prozedur virugeet?

(Assentiment)

Domadder ass dat och esou décidéiert.

D'Proposition de loi N°5617 vum Här Michel Wolter iwwert d'Emblèmes nationaux.

- *Proposition de loi N°5617 portant modification de la loi du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux, telle qu'elle a été modifiée.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi an der Prozedur weidergeleet gëtt?

(Assentiment)

Da komme mer zur Proposition de loi N°5667 vum Här Henri Grethen iwwert d'Organisation vun der Cour des Comptes.

- *Proposition de loi N°5667 modifiant la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi virugeleet gëtt?

(Assentiment)

Domadder ass dat décidéiert.

Déi nächst, eng Proposition de loi N°5746 vun den Häre François Bausch, Camille Gira, Paul Helming a Claude Meisch iwwer eng Ofännerung vum Gemengesetz.

- *Proposition de loi N°5746 - modifiant la loi communale du 13 décembre 1988; - modifiant la loi du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi virugeleet gëtt?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Déi nächst ass d'Proposition de loi N°5857 vun den Damme Claudia Dall'Agnol a Lydie Err an den Häre Marc Angel a John Castegnaro iwwert d'Prostitutioun.

- *Proposition de loi N°5857 sur la prostitution.*

Ass och do d'Chamber d'accord, datt déi weidergeleet gëtt?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Déi nächst ass eng Proposition de loi N°6020 vun der Madame Err an dem Här Angel iwwert d'Kooperatioun.

- *Proposition de loi N°6020 modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement.*

Och do, huelen ech un, ass d'Chamber d'accord, datt déi an der Prozedur viruleeft?

(Assentiment)

Domadder ass dat esou décidéiert.

Dann hu mer eng Proposition de révision vun der Constitutioun N°6030 vum Här Paul-Henri Meyers iwwer eng Neiuerdung vun der Constitutioun.

- *Proposition de révision N°6030 portant modification et nouvel ordonnancement de la Constitution.*

Ech ginn och do dervun aus, datt d'Chamber d'accord ass, datt déi an der Prozedur viruleeft?

(Assentiment)

Domadder ass dat esou décidéiert.

8. Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Elo komme mer dann zum Retrait vun engem Projet de loi. Op Ufro vun der Regierung huet d'Präsidentekonferenz sech derfir ausgeschwat, fir de Projet de loi N°6053 iwwert d'Schafe vun enger Administration des Imprimés et des Fournitures de Bureau de l'État vum Rôle ze sträichen.

- *Projet de loi N°6053 portant création d'une Administration des Imprimés et des Fournitures de Bureau de l'État.*

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dann hu mer nach eng Rei Proposition-de-loien a Propositions de révision de la Constitution, déi haut op Ufro vun den Auteurs oder vun deenen hire Fraktiounen a Sensibilité-politiquë solle vum Rôle geholl ginn. Ech zielen lech déi allequerten op an duerno stëmme mer doriwwer of.

Et ass fir d'éischt eng Proposition de loi N°4107 vum Här Eugène Berger, eng Ofännerung vum Artikel 154 vun der Loi électorale

- *Proposition de loi N°4107 portant modification de l'article 154 de la loi électorale du 31 juillet 1924;*

dann eng Proposition de révision vum Artikel 52 vun der Constitutioun, N°4108, och vum Här Eugène Berger

- *Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution - N°4108;*

d'Proposition de loi N°4109 vum Här Eugène Berger, eng Ofännerung vum Artikel 98 vun der Loi électorale

- *Proposition de loi N°4109 portant modification de l'article 98 de la loi électorale du 31 juillet 1924;*

d'Proposition de loi N°4236 vum Här Eugène Berger, eng Ofännerung vun der Loi électorale

- *Proposition de loi N°4236 portant modification de la loi électorale du 31 juillet 1924;*

d'Proposition de révision vum Artikel 52 vun der Verfassung, N°4140, vun den Häre René Kollwelter a Marc Zanussi

- *Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution - N°4140;*

d'Proposition de loi N°4141 vum Här Marc Zanussi iwwert de Mindestalter bei de Wahlen

- *Proposition de loi N°4141 concernant l'abaissement de l'âge minimum relatif au droit de vote;*

d'Proposition de loi N°4458 vun der Madame Ferny Nicklaus-Faber iwwert d'Conjoint-aidanten

- *Proposition de loi N°4458 relative aux conjoints aidants;*

d'Proposition de loi N°4533 vun der Madame Renée Wagener iwwert d'Representatioun vu Fraen a Männer an der Politik

- *Proposition de loi N°4533 visant à promouvoir une représentation politique paritaire des femmes et des hommes;*

d'Proposition de loi N°4918 vum Här Ben Fayot iwwert d'Schafe vun engem Observatoire des médicaments

- *Proposition de loi N°4918 portant création d'un observatoire des médicaments;*

d'Proposition de révision vum Artikel 57, Alinea 2 vun der Constitutioun, N°5048, vum Här Paul-Henri Meyers

- *Proposition de révision de l'article 57, paragraphe (2) de la Constitution - N°5048;*

d'Proposition de révision vun den Articlele 46 a 47 vun der Verfassung, N°5088, vum Här Paul-Henri Meyers

- *Proposition de révision des articles 46 et 47 de la Constitution - N°5088;*

meng Proposition de loi N°5285 iwwert den Exercice conjoint vun der Autorité parentale

- *Proposition de loi N°5285 relative à l'exercice conjoint de l'autorité parentale;*

d'Proposition de loi N°5743 vum Här Marco Schank iwwert d'Schafe vun engem Service de bibliothèques publiques

- *Proposition de loi N°5743 portant création d'un Service de bibliothèques publiques;*

d'Proposition de révision vum Artikel 52 vun der Constitutioun, N°5944, vum Här Eugène Berger

- *Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution - N°5944;*

a schlussendlech d'Proposition de loi N°5945 vum Här Eugène Berger, eng Ofännerung vun der Loi électorale

- *Proposition de loi N°5945 portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003.*

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5849, eng Konventioun géint d'Folter. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

9. 5849 - Projet de loi: (1) portant approbation du protocole facultatif se rapportant à la Convention contre la torture et autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants, adopté par l'Assemblée Générale de l'Organisation des Nations Unies à New York, le 18 décembre 2002; et (2) portant désignation du médiateur en tant que mécanisme national de prévention et fixant ses attributions

Rapport de la Commission juridique

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5849, dee mer haut diskutéieren an iwwert dee mer

wäerten ofstëmme, ëmfaasst zwee Deeler: fir d'éischt emol d'Zoustëmmung zu dem Protokoll, dee sech op d'UNO-Konventioun géint d'Tortur a géint déi onmenschlech an dégraderend Behandlung bezitt vun alle Leit, déi hir Fräiheet entzu kritt hunn; an zweetens d'Erweiderung vun de Kompetenzen vum Médiateur.

De Protokoll, vun deem ech geschwat hunn, ass den 18. Dezember 2002 vun der Generalversammlung vun der UNO ugeholl ginn. Dëse Protokoll soll derzou bäidroen, dass d'Bestëmmungen vun der UNO-Konventioun géint d'Tortur, déi eist Land duerch d'Gesetz vum 31. Juli 1987 approvëiert huet, besser agehalen a kontrolléiert kënne ginn.

Den Zousazprotokoll gesäit dofir haaptsächlech zwou Moossnamen vir:

Fir d'éischt emol d'Schafung vun engem Sous-comité am Kader vun der UNO selwer, mat der Missioun, d'Tortur ze verhënneren. Fir dat ze erreechen, kann dee Sous-comité an deenen eenzelne Länner, déi dee Protokoll approvëiert hunn, Kontrolle virhuelen an all Plaze besichen, wou Persounen an hirer Fräiheet beschränkt sinn.

Déi zweet Moossnam ass d'Schafung vun enger nationaler Instanz, mat der Missioun, op nationalem Plang d'Tortur an onmenschlech Behandlungen ze verhënneren, bei all deene Leit, déi op iergendeng Aart a Weis hir Fräiheet zum Deel oder ganz geholl kritt hunn.

All Land, dat den Zousazprotokoll ratifizéiert, muss och déi Instanz schafen, déi am Protokoll als Mécanisme national de prévention bezeechent ginn ass an déi also déi Kontrollaufgaben huet, vun deenen ech geschwat hunn. D'Regierung huet dofir virgeschloen, déi Instanz am Rahme vum Projet de loi selwer ze designéieren, a se schléit vir, déi Missioun dem Médiateur unzevertrauen.

Fir d'Regierung erfëllt de Médiateur de Kritik vun der Onofhängegkeet, deen no dem Protokoll noutwendeg ass, fir déi nei Kontrollfunktione ze erfëllen. D'Regierung war dofir och der Meenung, et bräicht ee keng nei Instanz ze schafen. Am Projet, deen d'Regierung den 13. Mäerz 2008 deponéiert huet, war virgesinn, déi nei Kompetenzen vum Médiateur an d'Gesetz vum 22. August 2003 anzeschreiwen, wat de Médiateur geschafen huet.

D'Commission juridique war mat deem Textvorschlag net averstanen, well se der Meenung war, datt déi nei Kompetenzen, déi de Médiateur an dem Text, dee mer haut ofstëmme, kritt, sech wesentlech vun deenen Aufgaben ënnerscheeden, déi d'Gesetz vum 3. August 2003 dem Médiateur operleet.

Nom Gesetz vum 3. August 2003 huet de Médiateur d'Missioun, tëschent den eenzelne Bierger an den öffentleche Verwaltungen ze vermëttelen. Hie ka sech net selwer mat engem Fall saisiéieren. Hie kann nëmmen d'Problemer, déi him zougedroe ginn a wou de Bierger mengt, dass e vun der Verwaltung net korrekt behandelt ginn ass, der Verwaltung virdroen a mat Argumenter probéieren d'Verwaltung derzou ze bréngen, fir dem Uleies vum Bierger nozeginn.

Et ass och esou, dass de Médiateur der Chamber ënnersteet. An e mécht och der Chamber e Rapport iwwer seng Aktivitéiten.

Dat sinn dräi wesentlech Punkten, op deene sech déi heiteg Kompetenzen vum Médiateur vun deenen ënnerscheeden, déi en no deem neie Projet de loi 5849 zougesprach kritt. Well an deem neie Gesetz, wat mer haut diskutéieren, kritt de Médiateur eng Aufgab vu Controller, vu Contrôleur. Hie soll déi Plazen iwwerwaachen a kontrolléieren, wou Leit an hirer Fräiheet ageschränkt sinn, an e soll och derfir suergen, dass deene Leit hiert Grondrecht, dass se net torturéiert ginn, dass se korrekt behandelt ginn, agehale gëtt.

Hie brauch dofir vu kengem saisiéiert ze ginn. Et ass eng Aufgab, déi d'Gesetz em



uvertraut an déi en à tout moment exercer kann, ouni dass een dat muss froen.

Hie kann zu all Moment déi Aufgaben erfüllen. An a senger neier Aufgab ass en onofhängeg an ënnerscheet sech do vun deenen Aufgaben, déi en als Médiateur huet, wou en also der Chamber ënnersteet. An deenen heiten Aufgaben ënnersteet en der Chamber net.

Fir déi Trennung an dee wesentlechen Ënnerscheed kloer zum Ausdrock ze bréngen, huet d'Commission juridique de Projet amendéiert an all Hiweis op d'Gesetz vum 3. August 2003 aus dem ursprénglechen Text gestrach.

Wat elo den Text selwer betrëfft, sinn nach dräi Bemierkungen ze maachen:

Éischtens, d'Regierung wollt all déi Plazen, wou Leit net fräi liewe kënnen an déi vum Médiateur kontrolléiert solle ginn, am Gesetz selwer opzielen. De Statsrot, an och d'Commission juridique vun der Chamber, war domat net d'accord, well déi Opzielung am Protokoll selwer net virgesinn ass a well d'Opzielung, esou wéi d'Regierung se proposéiert hat, de toute façon net komplett war. Dofir ass also och den Artikel aus dem Text verschwonnen. Ech hunn awer am Commentaire als Hiweis déi eenzel Gesetzter opgezielt, déi och d'Regierung an hirem Projet de loi ageschriwwen hat.

Zweetens, wat d'Kompetenze vum Médiateur ugeet, bleift ervirzehiewen, dass de Médiateur zu all Moment an ouni sech iwwerhaupt unzékënnege Visiten op all deene Plaze ka maachen, wou e mengt, dass d'Leit net fräi kéinte liewen. Dat sinn ënner anerem déi Plazen, déi d'Regierung och ugedéit hat. Hie ka sech d'Präsenz noutwendeg wär. Hie muss och all Renseignements kréien, déi e freet an déi e brauch, fir seng Missioun ze erfüllen.

De Médiateur muss dann all Joer e Rapport maachen, deen och un déi kompetent Autoritéit weidergeleet gëtt an déi dozou hir Observatiounen ka maachen. Dee Rapport muss veröffentlecht gi vum Médiateur selwer, an net vun der Chamber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech dann nach zwou méi allgemeng Bemierkungen maachen.

Déi éischt ass emol déi: Et gëtt Leit, déi soen, et kéint een e Land jugéieren no der Aart a Weis, wéi et mat deene Leit ëmgeet, déi am Prisong sinn. Dat ass vläicht eng Ausso, déi e bëssen iwwerspëtzt ass. Si huet awer a mengen Aen e groussen Deel Wourecht, well och déi Leit, déi am Prisong sinn aus iergendenger Ursaach, verdéngen de Respekt a verdéngen, dass si mat där néideger Dignitéit behandelt ginn. Ee Grondrecht, wat jiddwerengem zousteeht.

Dofir mengen ech och, dass dee Projet hei, wou mer dem Médiateur den Aufgabebereich uvertrauen, dee muss derfir suergen, dass ee korrekten Émgang mat de Prisonnéier geschitt, eis um Wee vun der Anhalung vun de Grondrechter e Stéck weiderbréngt. An ech sinn och der Meinung, dass an deem Konzept, an deem Puzzle, wat de Justizminister wëllt realisieren, och de Médiateur eng Roll ze spillen huet. An esou, wéi mer e kennen, wäert en déi Roll och spillen.

Eng zweet Remarque. D'Preventioun vun der Tortur, a besonnesch d'Preventioun vun allen onmenschlechen an dégradante Behandlungen, misst net nëmmen ziele fir Leit, déi am Prisong sinn, mä déi misst agehale gi fir all Bierger, a besonnesch och fir eenzel Kategorië vu Bierger, déi besonnesch esou enger Behandlung kënnen ausgesat ginn.

Ech denken do haaptsächlech... Ech wëll zwou Kategorien nennen. Dat sinn engersäits emol handicapéiert Persounen, dat sinn awer och eeler Persounen, déi net méi kënnen doheem sinn - souguer wa se

doheem sinn -, wou oft de Respekt an déi korrekt mënschlech Behandlung net ëmmer do sinn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- An dofir mengen ech, soll een och kucken... Et däreft een hei net stoe bleiwen. An et muss een och kucken aner Konventiounen ëmzesetzen, notamment déi iwwert d'Grondrecht, iwwert d'Recht och vun deenen handicapéierte Persounen. Et muss een och mat der Zäit kucken, wéi een aner Kategorië besser kann ofschützen.

Dofir ass eng Iddi, déi och an der Kommission opkomm war, zu Recht opgeworf ginn. Dat ass déi, ob een iwwert deen heite Projet eraus an Zukunft net awer eng Instanz misst schafen, déi derfir misst suergen, dass d'une façon générale d'Grondrechter besser respektéiert ginn, an déi och derfir misst suergen, dass jiddwereen, dee mengt, seng Grondrechter wieren net korrekt behandelt, sech un esou eng Instanz kéint wenden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deene Bemierkungen géif ech d'Chamber bidden, hiren Accord zu dësem Projet ze ginn. An ech kann och elo schonn den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, fir d'éischt wëll ech dem Här Rapporteur Merci soen. Ech wëll just op zwee Punkten insistéieren.

Deen éischten huet de Rapporteur och schonn zitéiert. Dat ass, dass de Médiateur... Am Ufank war virgesinn, dass de Médiateur sech am Fong misst umellen, wann en iergendwéi eng Plaz wëllt kucke goen. Mir si frou, dass de Médiateur awer och d'Libertéit huet, fir op déi eng oder déi aner Plaz kënnen ze goen, ouni dass e sech am Virus muss umellen.

Et kann ee sech jo virstellen, wann e Problem ass, dass da par hasard deen Dag kee Problem ass, wann de Médiateur ukomm ass. An dofir si mer frou, dass op jidde Fall de Médiateur déi Latitude kritt huet, fir och kënne fräi ouni Umellen... dat heescht d'Visite ze maachen, ouni sech am Virus laang ugekënnegt ze hunn.

Dann déi zweet Saach ass, Här President, fir dass de Médiateur déi Aarbecht ka richtig maachen, muss ee sech awer och d'Fro vum Personal beim Médiateur stellen. Et muss ee sech d'Fro stellen. Am Moment huet ee jo d'Gefill, dass se scho ganz vill Aarbecht hunn. A wann een dat wëllt seriö maachen, muss ee sech d'Fro stellen, ob et net wichtig wär awer beim Médiateur selwer ze intervenéieren, fir ze kucken, ob se personalméisseg net missten do opgestockt ginn, fir dass dat och ka seriö gemaach ginn.

Dat doten ass eng wichtig Saach. Et ass eng wichtig Fro, an där mir awer als Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäerten och e positive Vote ofginn. Mä wéi gesot, et wier net oninteressant awer ze wëssen, wéi dat personalméisseg elo beim Médiateur geregelt gëtt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Deen nächsten agedroene Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn och vun eiser Säit den Accord zu deem heite Projet de loi, esou wéi en och amendéiert ginn ass opgrond vun deenen Diskussionen, déi mer zu deem doten Text an der juristescher Kommission haten. Ech hunn och zu deene gehéiert, déi éischter eng Kéier geschléckt hunn, wéi se héieren hunn, dass d'Regierung eigentlech dem Médiateur déi heiten Aufgab géif ginn, well et effektiv e Broch duerstellt mat der Philosophie eigentlech, wéi bis elo d'Mission vum Médiateur an eise Gesetz vum 2003 geregelt ass.

Wéi de Rapporteur ganz richtig ervirgestrach huet, kann de Médiateur nëmmen a

senger Kärfunktioun aktiv ginn op Reklamatioun hin an engem individuelle Fall. En huet net den Droit d'autosaisine. E kann also selwer net deklaréieren: Elo ginn ech emol aktiv an engem bestëmmte Beräich. E kann et also nëmme maachen, wann e prezis an engem Fall mat enger gewësener Fro betreit ginn ass.

Hei ass et eng ganz aner Hypothees, wou de Médiateur elo d'Kompetenz kritt. Hei ass et ebe just net, wann eppes geschitt ass, wou en intervenéiert, mä en huet eigentlech eng reng preventiv Funktioun, en huet eng Kontrollfunktioun. E soll verhënneren, dass et zu Aschränkungen vun de Grondrechter kënnt, dass et zu Torture kënnt. Dat ass eng ganz aner Missioun.

Mir haten hie selwer och dozou héieren, d'Regierung dozou héieren. An et ass aus deenen Diskussionen ganz kloer ginn, dass d'Regierung eigentlech dräi Méiglechkeeten hat.

Si hat d'Méiglechkeet, eng nei Instanz ze schafen, déi et nach net gëtt; also eigentlech eng nei kleng Verwaltung ze schafen, déi dann ausschliesslech déi dote Funktioun hätt, fir deen dote Kontrollmechanismus am Kader vun der Konventioun iwwert d'Tortur auszeféieren.

Oder awer si hätt d'Méiglechkeet gehat, eventuell och déi national Mënscherechtskommission mat esou enger Aufgab ze betreiben. Wat och duerchaus, mengen ech, denkbar gewiescht wär. Ech muss allerdéngs soen, dass déi nu par rapport zum Médiateur guer keng Infrastruktur praktesch zur Verfügung huet, ausser, mengen ech, engem Sekretariat, wat emol net voll besat ass.

Esou dass d'Regierung eigentlech aus praktesche Grënn d'Optioun geholl huet, fir dem Médiateur déi doten Aufgab ze ginn. Domadder kann een averstane sinn, wann een eng pragmatesch Approche huet. An déi huet sech schlussendlech och an der Kommission duerchgesat.

Nach, mengen ech, muss ee kucken, opgrond vun der Erfahrung, déi ee mat deem heiten Instrument huet, ob dat heiten elo eng definitiv Léisung ass oder ob ee sech mat der Zäit kann awer en anerem Agencement vun de Pouvoiren virstellen, wéi dat elo am Gesetzestext festgehalten ass. Dat gesot, steet eis Fraktioun hannert deem doten Text a wäert en och stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir kënnen och dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. Ech wëll dem Rapporteur och Merci soe fir seng Aarbecht. Déi Explikatiounen, déi d'Virriedner scho ginn hunn, mengen ech, decken d'Problematisierung of.

Mir hunn eis och aus deeneselwechte pragmatesche Grënn dësem Text kënnen uschlëssen. Mä mir denken och, dass d'Fro vum Staff, vun de Mataarbechter vum Médiateur awer och muss kënnen gestallt ginn. Mir wënschen op jidde Fall deene Leit, déi sech heimadder wäerte beschäftegen, eng glécklech Hand, well dat ass eng ganz wichtig Aufgab, déi se hei iwwerdroe kréien, an déi Lëtzebuerg net méi schlecht ka maachen, mä nëmme besser.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, och dem Rapporteur Merci fir säi Rapport; net nëmme fir säi Rapport, mä virun allem fir dat, wat en zum Schluss vu senger Interventioun gesot huet. An ech sinn e bësse virwëtzeg, wéi déi Ukënnungen, déi en do gemaach huet, och par rapport zu Instrumenter, fir d'Mënscherechter net nëmmen am Prisong, mä och op anere Plazen ofzesécheren, wéi mer doranner weiderkommen.

An der Verfassung oder am Grundgesetz vun der Bundesrepublik Däitschland steet ganz am Ufank dee wonnerschéine Satz: „Die Menschenwürde ist unantastbar.“ Mir wëssen alleguerten, dass dat an der Praxis selbstverständlech net ëmmer de Fall ass, net nëmmen hannert de Prisongsdieren, mä och op anere Plazen.

Ech wollt och déiselwecht Fro stellen, wéi dat mat de Mëttelen ausgesäit, déi de Médiateur kritt fir eng Aufgab, déi ganz spezifesch ass, déi ganz nei ass, wat iwwerhaupt keng Mediatiounsarbeitsméi ass, sondern eng Kontrollarbeitsméi ass, wat selwer net an der Kommission derbäi, fir ze wëssen, wat hie selwer dozou seet, mä ech ginn dervun aus, dass en do méi Personal brauch.

An zum Schluss, mir hunn haut natierlech keng Diskussion iwwert d'Konzept vun eise Prisonge respektiv e Konzept vu Strof-vollzuch. Dorobber muss mer also de toute façon nach eng Kéier zrëckkommen.

Selbstverständlech stëmmen ech och de Projet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Domadder ass d'Diskussion ofgeschloss. Elo kritt den Här Justizminister François Biltgen d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Och fir d'éischt dem Här Paul-Henri Meyers Merci, net nëmme fir säi Rapport, mä och fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet, fir dee Projet hei no villen Diskussionen op déi Fassong ze bréngen, déi hei ass.

Ech kommen e bëssen op den Historique zrëck. Et gëtt eng international Konventioun iwwert d'Prévention de la torture, net nëmmen an de Prisongen. Hei schwätze mer iwwregens vun alle Plazen, wou ee Fräiheitsentzuch huet. Dat ass net nëmmen eng Affär vum Justizminister - ech wëll dat ganz daitlech soen -, och wann et de Justizminister war, deen de Projet op den Instanzewee bruecht huet.

D'Fro huet sech natierlech gestallt: Woufir de Médiateur? Wat huet dergéint geschwat? Dergéint huet zum Beispill geschwat, dass de Médiateur jo eng haaptsächlech Missioun huet, wou e vun der Chamber agesat ass a wou en do ass, fir d'Beschwerde vun de Leit par rapport zu den öffentleche Verwaltungen ze huelen. Hei kritt en zousätzlech eng Aufgab, déi e fir d'Regierung mécht, well d'Regierung exekutéiert d'Konventioun, wou natierlech dann erëm Verwaltung kontrolléiert ginn.

D'Fro, déi opgeworf gouf, ass déi: Riskéiert en net selwer an Zuchzwang ze kommen? Ech kommen zrëck op eis Diskussion vum Pressegesetz. Och do huet de Minister gesot: Majo, de Médiateur ass eigentlech een Organ vun der Chamber, oder vun der Chamber agesat, an dofir diskutéiert mat him, dass hie ka seng Beweegrënn virleeën.

Well dass mäi Virgänger hie virgeschloen huet, de Médiateur hat zwou Ursaachen. Déi éischt ass déi, wa mer hien net geholl hätten, hätte mer missen - an dat ass jo virdrun ugeklungen - eng ganz nei Instanz huelen, wat och erëm eng Partie Schwierigkeeten mat sech bruecht hätt. Dat Zweet ass, dass de Médiateur selwer Demandeur war, fir déi Aufgab ze iwwerhuelen, well en elo scho ganz vill a Prisonge geet an do effektiv kontrolléiert, ob alles richtig zougeet.

Ech mengen, doropshin ass dee Konsens erauskomm, deen do war. An ech mengen, dass dat heiten e gutt Gesetz ass. Et ass och dann e bëssen de Complément zu deem, wat ech de Moien d'Geleeënheet hat an der Commission juridique virstellen, nämlech den neie Concept pénitentiaire. Wa mer an deem neie Concept pénitentiaire wëllen d'Normalisierung vun den Haftbedéngungen als Viraussetzung zu enger besserer Resozialisierung maachen - ech soe just an zwee Wieder dat, wat ech de Moie ganz laang an Ärer Kommission erkläert hunn -, dann ass d'Kontroll vun där Normalisierung vun den Haftbedéngungen, déi de Médiateur da mécht, schonn eng wesentlech Viraussetzung.

Ech wëll och op dëser Tribün nach eng Kéier soen: Ech hunn dat Konzept de Moien an der Commission juridique erkläert. Mir hunn dat Konzept öffentlech gemaach.

Dat ass also e Concept pénitentiaire, kee Concept pénal, kee Concept pénologique, kee Concept préventif. Et muss een déi Saachen trennen. Mä ech wär frou, wa mer elo eis weider Konsultatiounsronne gedréit hunn, kucke Kritiken erakritt ze hunn, Objektiounen zu deem Concept



pénitentiaire, dass mer nach an dëser Sessioun en Débat d'orientation hätten. Well do ass ganz viles, wat mer mussen a wëllen änneren, a wou ech da frou wär, wann esou een Débat d'orientation géif zum Beispill dat erëmginn, wat mer de Moien an der Commission juridique haten, nämlech prinzipiell eng grouss Zoustëmmung.

(Interruption)

Et mécht et méi einfach fir e Minister, dat unzefänken, well et ass net an dëser Legislaturperiod, wou dat dote kann definitiv a Kraaft treden. Dofir wär et wichteg, dass mer hei eng large Majoritéit hätten.

Zu där Fro vun de Moyenë vum Médiateur: Ech weess net, u wien déi eenzel Orateurë sech adresséiert hunn, mä si kënnen sech op alle Fall net un d'Regierung adresséiert hunn. Si kënnen et nëmmen un d'Chamber adresséieren, well de Médiateur an all seng Moyenë gi vun der Chamber décidéiert.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Justizminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5849 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Lucien Clement), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Fernand Boden), Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes (par Mme Christine Doerner), Marc Lies (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6001, e Protokoll iwwert d'Cour de Justice Benelux. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir kënnt mech vun der Riednerlëscht sträichen. Ech hoffen, dass de Rapporteur esou komplett a kuerz ass, dass ech net méi muss agräifen.

► **Une voix.**- Dat ass deen doudsécher, Här Bettel.

► **Une autre voix.**- Et wär awer vläicht ganz interessant gewiescht.

10. 6001 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel au Traité relatif à l'institution et au statut d'une Cour de Justice Benelux concernant la protection juridictionnelle des personnes au service de l'Organisation Benelux de la Propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), signé à Bruxelles, le 24 octobre 2008

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6001 ratifizéiere mir een Zousazprotokoll zum Traité, deen 1965 d'Cour de Justice Benelux geschafen huet. Dësen Zousazprotokoll staamt aus dem Joer 2008.

En huet zum Zweck, de Leit, déi beim Benelux-Markenamt schaffen, méi genee bei der Organisation Benelux de la Propriété intellectuelle, méi en ëmfaassende rechtliche Schutz ze ginn, wat hir Aarbechtssituatioun ubelaangt. Bis elo war de Regime vun de Mataarbechter vun dem Benelux-Markenamt iwwer e Protokoll aus dem Joer 1974 geregelt. Et huet sech awer herausgestallt, dass de Regime net méi der Evolutioun vun dem Aarbechtsrecht an der Rechtsspriechung am Beräich vun de Mënscherechter ugemooß war. Dat gëtt elo geännert, andeems den aarbechtsrechtliche Schutz de moderne Standards ugepasst gëtt.

Konkret geet et hei ëm Folgendes:

Éischstens, d'Benelux-Gericht kritt eng generell Kompetenz fir all Sträitfall tëschent dem Personal an dem Benelux-Markenamt. Jiddwer Mataarbechter - deemno och d'Direkteren; dat war bis elo net de Fall - kënnen e Recours bei der Cour Benelux maachen. Souwuel d'Form vun dem Recours wéi och den Inhalt, dat heescht d'Rekursméiglechkeeten, sinn an Zukunft fir jiddwer Mataarbechter déiselwecht.

Zweetens, all Décisioun vun dem Markenamt, déi d'Aarbechtsrelatioun vun engem Mataarbechter betrëfft, ka virun dem Benelux-Gericht attackéiert ginn.

Drëttens, de Protokoll limitéiert net, wéi bis elo, déi juristesche Mëttelen, also d'Natur vun den Argumenter, déi kënnen ugefouert ginn, fir e Recours ze maachen.

Véiertens, ier ee formelle Recours bei dem Benelux-Gericht kann agreecht ginn, muss fir d'éischt en internen administrative Recours gemaach ginn, dee vun enger Commission consultative aviséiert gëtt. Dës Kommissioun ass elo esou opgestallt, dass aus jiddwer Memberstat vun der Benelux Beamten dra vertruete sinn. Dës Kommissioun gëtt och vun engem Richter aus engem Benelux-Stat presidéiert.

D'Personaldelegatioun vun dem Markenamt ka bei der Besetzung vun dëser Commission consultative e Wuert mat-schwätzen. Esou ass och hiren Afloss op dem Niveau vun dësem administrativem Recours geséichert.

All Décisioun vun der Commission consultative, wat also eng Aart Décision interne préalable ass, kann da virun dem Benelux-Gericht attackéiert ginn. D'Gericht huet d'Méiglechkeet, fir d'Décisioun einfach ze annulléieren oder komplett ze reforméieren. Et ass also e Recours de pleine juridiction.

Hei spillt ganz kloer den Afloss vun der europäescher Mënscherechtsjurisprudenz, déi jo alt gelegentlech och vum Statsrot ugefëert gëtt, fir an esou Matière méi oft e Recours de pleine juridiction virzegesinn.

Fënneftens a leschtens, d'Prozedur virun der Cour de justice Benelux wäert an Zukunft prinzipiell schrëftlech sinn, mat engem Austausch vu schrëftleche Mémoires, also de Stellungnahme vun den eenzelne Parteien. D'Parteie kënnen awer och mëndlech hir Positioun verrieden. D'Gericht kann dat vu vireran och unuerdnen.

Här President, de Statsrot huet dëse Gesetzesprojet den 21. Abrëll 2009 schonns aviséiert gehat. Hien hat keng Objektioun derzou. De Statsrot huet awer bemierkt, dass an deemselwechte Sënn och misst de

Protokoll vun 1969 iwwert d'Protection juridictionnelle vun dem Personal vun der Benelux-Unioun iwwerschafft ginn. Et dierft also net ausgeschloss sinn, dass mir an absehbarer Zäit erëm iwwer en ähnlechen Dossier an dësem héijen Haus wäerten ofstëmmen. Deemno, Affaire à suivre.

D'Commission juridique recommandéiert an hirem schrëftleche Bericht vum 3. Mäerz dëst Joer eestëmmeg, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauscheren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gilles Roth fir säi komplette Rapport. Dee war esou komplett, datt, mengen ech, näischt méi weider doriwwer ze soen ass. Duerfir komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6001 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Fernand Boden), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6074, eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech schonns ageschriwwen: den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner.

11. 6074 - Projet de loi portant modification de l'article 127 du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet geet et ëm d'materiell Richtegstellung vun engem eenzelnen awer och eenzegen Artikel aus eisem Code d'instruction criminelle. D'Erklärung vun deem geet zrëck op e Gesetz vum Juli 2008, wou d'Bestëmmunge vum schrëftlechen a motivéierte Rapport vum Untersuchungsrichter nei geregelt gi sinn. D'Verfaassung vun esou engem Bericht muss net méi an alle Fäll obligatoresch schrëftlech motivéiert oder eragi ginn.

Doropshi sinn d'Alineaen 2 an 3 vum Paragraph 6 vun dësem Artikel ersatzlos gestrach ginn. An dat ass eigentlech de Punkt. Dat war verkéiert, well domadder si wichteg prozessual Garantie verluer gaangen, wéi dat aus der Argumentatioun vun engem Arrêt vun der Chambre du Conseil ervirgeet.

Well et awer net am Sënn war vum Législateur, op esou Rechter ze verzichten, wëlle mir mat dësem Projet elo dës Alineaen 2 an 3 vum Paragraph 6 erëm nei an eise Code ophuelen - dat wëllt soen, reintegréieren -, mä do derbäi a souguer och nach de Prezisioune vum Statsrot Rechnung droen, andeems mer den éischten Alinea vum Paragraph 6 - dat wëllt soen, der Eventualitéit vun engem Rapport vum Juge d'instruction - och nach zousätzlech abauen.

Esou gëtt dësen Artikel 127 an all senge Punkten erëm ganz prezis a ganz kloer. An ech mengen, mir kéinten dee Projet esou unhuelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Doerner, déi och, wéi mer et vun hir gewinnt sinn, erëm ganz komplett war, esou dat weder den Här Bettel nach en aneren... Den Här Bettel misst awer nach eng Kéier intervenéieren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, sorry, wann ech d'Wuert froen, mä ech wollt der Madame Doerner am Numm vun all den anere Fraktiounen Merci soe fir hire Rapport.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Bettel. Domadder kéime mer dann direkt zum Ofstëmmen iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6074 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Elo komme mer zum leschte Projet de loi fir haut, den 6106, eng Konventioun mat Indien iwwert d'Sécurité sociale. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell fest-